N°1848
Entrée le 28.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.01.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Reporter.lu schreift an engem rezenten Artikel Follgendes: "*Die Verzögerung einer klaren gesetzlichen Regelung hat allerdings bereits heute Folgen. In den Stellenausschreibungen des Geheimdienstes wird als Voraussetzung eine „Security clearance" genannt. (...) Vor den Verwaltungsrichtern erklärte das Staatsministerium, dass offiziell bereits der Geheimhaltungsgrad „secret" ausreiche, um für den SRE zu arbeiten. Diese ist für zehn Jahre gültig, somit hätten nicht alle Mitarbeiter eine mangelhafte Sicherheitsüberprüfung durchlaufen.*
*Laut dem Anwalt von Philippe S. gab es hingegen seit 2012 keine einzige Stellenausschreibung beim SRE, die nicht die höchste Geheimhaltungsstufe voraussetzte."*

Op Basis vun dësen Aussoe stellen sech eng Rei Froen iwwert déi vum Minstère de la fonction publique ëffentlech ausgeschriwwenen Plaze beim SRE.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill haten der tëscht 2012 an 2022 de Geheimhaltungsgrad "Secret" als "condition d'admission"?
2. Wéi vill haten der tëscht 2012 an 2022 de Geheimhaltungsgrad "Très Secret" als "condition d'admission"?
3. Wéi vill haten der tëscht 2023 an 2025 de Geheimhaltungsgrad "Secret" als "condition d'admission"?
4. Wéi vill haten der tëscht 2023 an 2025 de Geheimhaltungsgrad "Très Secret" als "condition d'admission"?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten